



N° 4693  
Reçue le 20.07.2021  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 20.07.2021

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/07/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Verdedegung & Justiz weiderzeleeden.**

Zënter den Enthüllung vum Edward Snowden vun 2013 ass kloer, dass d'staatlech Iwwerwaachungsmoossnahmen an Iwwerwaachungssoftware, wéi *Pegasus*, omnipresent sinn. Et ass och drun z'erënnere, dass och d'lëtzebuergesch Regierung ëmmer nach d'Vorratsdatespäicherung ënnerstëtzt an dat, obwuel den europäesche Geriichtshaff a verschiddeenen Arrêten dës als onverhältnesméisseg an illegal verurteilt huet. An eise parlamentaresche Froen n°813 an n°1783, souwéi an enger Motioun vum Juli 2019 si mir am Detail op dës Illegalitéit agaangen.

An deem Zesammenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi oft huet eis Justiz an de leschten 10 Joer, am Kader vun enger Ermëttlung, op d'Vorratsdaten zeréckgegraff?  
Falls keng Zuelen dozou virleien, firwat net a wéi kann d'Proportionalitéit vun der Vorratsdatespäicherung an deem Fall garantéiert ginn?
2. Kann d'Regierung ausschléissen, dass - ausserhalb vun erlabtenen Enquêtes - op d'Vorratsdate vu lëtzebuergesche Journalisten, Aktivisten oder Oppositionspolitiker zeréckgegraff gouf? Falls nee, wéi oft war dat de Fall?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)